PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no kënnt et aktuell bei der « Caisse de Maladie des Fonctionnaires et Employés Publics » zu längeren Delaien vun de Remboursementer (bis zu zwee Méint). Bei den iwwrege Krankekeesen ass dëse Phänomen leider och rekurrent. Et handelt sech heibäi ëm Dossieren déi komplett sinn, an net ëm Fäll wou den Dossier net en bonne et due forme bei der jeeweileger Krankekeess agereecht gi wier. Di besoten Délai'en vun de Remboursementer bréngen déi betraffe Leit ënner Ëmstänn finanziell an Laberenten. An der Logik vun enger Simplifikation Administrative kéint eng „Gestion par objectifs" dësem onglécklechen Zoustand positiv entgéint wierken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Här Minister, wéi verdeele sech d'Delaien fir d'Remboursementer bei den eenzele Krankekeesen a gëtt et eng statistesch Erhiewung, wéi dës Äntwertzäiten sech an de leschte Joren entwéckelt hunn ?

2. Kéint Dir statistesch Donnéeën virweisen déi duerleeën wéi d'Délais moyenen sech iwwert di lescht Méint bei de verschiddene Krankekeesen entwéckelt hunn ?

3. Wat ass an Zukunft, an den Aen vum Minister, e raisonnabelen Delai fir e Remboursement duerch eng Krankekeess ?

4. En vue vun enger Simplification administrative a virum Hannergrond vun enger « Gestion par objectifs », kéint den Här Minister eng konkret Ziilvirgab nennen, déi de Ministère sech fir d'Remboursementer duerch di eenzel Krankekeese gesat huet ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député